PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 08/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Nieft dem Offall, deen een oft op Staatsstroossen fënnt (siehe meng parlamentaresch Fro n°435) ginn och Spadséierweeër oft zougemüllt mat Offall, deen näischt do verluer huet. Mir ass zum Beispill ee Fall bekannt op engem Spadséierwee zu Drauffelt, wou den Dreck op de Weeër de Wëll- an Notzdéieren zum Verhängnis gëtt, well d'Déieren den Offall friessen oder sech dorunner verletzen.

Dat ofgeännert Offallgesetz vum 21te Mäerz 2012 ass u sech ganz kloer a stellt de Littering ganz kloer ënner Strof. Trotzdeem weisen d'Zuelen aus der parlamentarescher Fro n° 7827 vum 28te Mäerz 2023, dass 886 Mol géint d'Gesetz verstouss gouf. A dobäi sinn dat nëmmen déi Fäll, wou och tatsächlech Täter erwëscht goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung d'Zuelen aus der Fro n°7827 fir d'Joer 2023 virleeën?
2. Wéi vill Fäll sinn der Ministesch fir Landwirtschaft bekannt, u Wëlldéieren an Notzdéieren vu Baueren, déi sech opgrond vum Dreck an der Natur verletzt hunn an zum Beispill an eng Wëlldéierestatioun oder bei ee Veterinär hu misste gefouert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten